

Här President,

wéi mer virun engem halwen Joër hei stoungen - kuerz nom Ausruffen vum Etat de crise - , huet et geschéngt, wéi wann sech d'Riedner vun alle Parteien eens wiiren an hirem Constat: déi Kriis wäert eist Land veränneren, mer kënnen nët einfach esou viru maachen wéi virdrunn, mer kënnen nët esou maachen, wéi wann naischt gewiescht wiir, mer kënnen nët einfach d'Blaat dréinen an zréck kommen zum Alldaag:
„Et muss sëch eppes änneren.“

Daat woar e groussen Konsens.

A wann een Sondage liest an de Leit nolauschtert, dann schéngt mär, wéi wann daat nach ëmmer e grouse Wonsch bei de Leit ass. „Et muss sëch eppes änneren“, mer kënne nët esou viru maache wéi bis elo.

Wann een awer gëscht dem Premier nogelauschtert huet, dann schéngt daat alles vergiess.

Premier:

Et wiir kéng Zäit fir Experimenten, keng Zäit fir Politik, kéng Zäit fir Vewrännerung.

Duerfir hätt dës Regiierung als eenzeg Orientéierung, als eenzege Kompass de Koalitiounsaccord vun 2018. A vun deem géif si och nët ofréckelen. Och dann nët, wann mer wéi elo matten an enger Kriis sinn.

Daat ass déi politesch Essenz vum Premier sénger Ried gëschter. Fir de Rescht huet en virun allem e Bléck op déi lescht 6 Méint gehäit an sëch selwer dobäi ganz vill op d'Schëller geklappt. An ëmmer wann et ëm Perspektiven gaangen ass, huet hien wéi de Katechismus de Koalitiounsaccord opgesoot.

De Premier huet zereck gekuckt – an daat ass duerchaus legitim, wann een iwwer d’Laag vun der Natioun schwätze wëll – mee en huet awer haerzlëch wéineg analyséiert. En huet nët gekuckt, waat d’Staerkten an d’Schwächten vun eiser Gesellschaft woaren a sinn.

En huet sëch virun allem op daat konzentréiert, waat gudd funktionnéiert huet an daer exzeptioneller Situatioun.

Mee: daat geet awer nët duer, well ët muss een och kucken, waat nët esou gudd funktionnéiert huet... nët fir sëch selwer ze geisselen, mee fir ze léieren, fir ze erkennen, waat besser muss ginn, fir ze verstoën, waat verännert muss ginn.

An daat huet de Premier nët gemeet. Duerfiir kann hien och nët soën, waat verännert misst ginn, verbessert ginn....

An daat ass mäi gréisste Virwurf un de Premier an séng Ried : incapabel Léieren ze zéien aus deem waat geschitt ass, an den manifeste Onwëllen d’Konsequenzen aus dene Léieren ze zéien, an eist Land ze veränneren. Eigentlëch ass daat alléng schons eng Bankrotterklärung vun der Regiierungserklärung.

Virun e puer Joër huet de Premier Bettel gesoot : wann ët dem Land gudd geet, geet et och de Leit gudd...

An duerfiir woën awer lo mol déi Banalsten vun allen Froën : geet ët dem Land an geet ët de Leit haut da besser wéi virun engem Joër?

D’Äntwert ass kloër : nee. Weder dem Land, nach de Leit geet ët besser. D’Leit hu gelidden: physësches, psychësch, ekonomësch a sozial. Daat ass nët dem Premier séng Schold, mee als Premierminister misst een awer d’Eierlëchkeet an Demut hunn, daat unzeerkennen. An: Äntwerten proposéieren. Am Numm vun enger Regiierung, déi sëch daer Saach bewosst ass, an dementspriechend handelt. Mee daat geschitt nët.

Näischt woar ze héieren iwwer d' Bekämpfen vun de soziale Inegalitéiten, déi schon viru Corona Joër fir Joër ëmmer méi grouss gi sinn, an déi an der Kriis nach eng kéier méi visibel gi sinn.

Näischt woar ze héieren iwwer d' Staerkung vun de Kaafkraaft, déi an denen leschte Méint gelidden huet.

Näischt woar ze héieren iwwer eng Strategie fir d'Wirtschaft ze relancéieren.

An och näischt ze héieren woar iwwer nei Weeër zur Bekämpfung vum Chômage, vun deem ëmmer méi Leit bedroht sinn.

Och näischt ze héieren woar iwwer Covid-generatioun.

Wann een zu all deem näischt seet, dann **schaaft e kéng Perspektiven** an et **notzt** een och **kéng Chancen**.

Här President,

Ech wëll an denen nächste Minutten opweisen, wéi eng Léieren hätte misse gezunn ginn, an weisen, wou dréngend Verännerungen néideg wiiren. Ugefaangen bei der Santé.

Wa mer eng Chance haten an der sanitärer Kriis, dann woar et déi, datt eisen öffentlechen Gesondheetssystem nach nët esou wäit privatiséiert gouf wéi an anere Länner. Italien a Spuenien haten notamment esouvill Doudeger, well se schons méi laang d'öffentlech Gesondheet dem private Marché iwverlooss hunn.

Daat ass déi alleréischte grous Léier aus dëser Kriis. An ech hätt mer zumindest e kloert Bekenntnis zu eise solidarësch, öffentleche Gesondheetssystem erwoart. An eng kloer Ofso zu all dene Tentativen vun Auslagerung vun wesentlechen Aktivitéiten aus de Spideeler.

Amplaatz all déi Konventiounen opzezielen, déi elo mat allerhand privaten Acteuren ofgeschloss ginn, an déi schon laang drop gamsen sêch déi lukrativsten Stécker ënnert de Nool ze rappen.

Mee och eise Gesondheetssystem ass ob séng Limitten gestouss. De Premier huet zwar zu Recht drop higewisse, wéi séier d'Regiirung allméiglech Zorten vu medizineschem Material erbäibeschaaft huet, mee den eigentlechen Problem huet hien ämschëfft: an daat ass de Personalmangel. Eiser Santé fehlen Leit, Mënschen déi d'Oarbécht maachen, nët Maschinnen – daer kënnen mer der koafen – . Mënschen. An alle Beräicher. Viir an hannen. Et geet nët duer, dene Leit op d'Schëller ze klappen. Mee mer müssen dee Beruff opwaerten. Hiir Formatioun grondlegend veränneren. Hei brauche mer eng Strategie. Als Land.

Daatselwécht gëllt fir d'Santé mentale vun de Leit, déi vill gelidden huet am Confinement an vlait esouguer nach méi am Déconfinement. 1/3 vun der Populatioun hunn declaréiert, dass hire mentale Gesondheitszoustand sech verschlechtert huet. Besonneh déi Jonk waren am Meeschte betraff, och méi oft d'Fraen ewéi d'Männer. D'Psychiatere soën, datt se komplett um Limitt wiiren, an och nach ëmmer gëtt et kéng Nomenklatur fir d'Psychotherapeuten. An? Waat maache mer elo? Vum Premier woar op jiddefall näischt ze héieren...

An eppes Weideres huet de Corona-virus gewissen : d'Verluerenheet vun denen, déi duerch all Raster falen. D'ONG Médecins du Monde schätzt, datt ronn 1500 Mënschen hei am Land kéng sozial Versécherung hunn, an doduercher keen Zougang zu elementaren Gesondheetsservicer. An der Kriis ass daat nach eng Kéier visibel ginn. Wéi schütze mer déi Leit? An ët huet Wochen a Wochen gedauert bis d'Regiirung Weeër fonnt huet fir déi Leit ze schützen. Et encore. Et encore. Muss een do soën.

An ëch hätt mer vun enger Regiirungsdelaratioun erwoart, datt se Léieren doraus zitt. An datt se no denen Erfahrungen ukënnegt, datt mer och hei zu Lëtzebuerg ewéi an eise Nopeschlänner eng ‚couverture médicale universelle‘ aféiert. Also: och eng Gesondheitsversuergung garantéiert fir déi Leit, déi kéng Sécus-

nummer hunn. Well daat ass nët nëmmen Humanismus, mee e wichtegt Element vun Santé publique, vun daer déi ganz Gesellschaft profitéiert.

Här President,

D'Santé publique ass net just eng Fro vu medezineschem, klineschem an technologeschem Fortschrëtt. Sozial Gerechtegkeet, eng gesond Ëmwelt a besser Bedingungen an de Beräicher Aarbecht , Logement an Educatioun droen laangfristeg dee Wichtigsten Deel zum Gesondheitszoustand vun der Populatioun bäi.

D'Leit mache sech Suergen an zu Rescht iwver d'Konsequenzen vun enger ekonomescher Kris, déi am gaangen ass sech ze manifestéieren. Verschidde Betriber hei am Land hu schon ugefaangen mam Plazenofbau. Dat wat d'Leit am Confinement am Meeschte gefaart hunn a bedréckt huet, nämlech d'Angscht hir Aarbecht ze verléieren, ass elo scho fir verschiddener traureg Realitéit ginn.

Här President,

Mär hu an dene leschte Méint gesinn an erliewt, wéi fundamental wichteg - an deelweis iwverliewenswichtig - verschidde Beruffer sinn, An déi zéngtausende Leit, déi se all Dag maachen. Ganz dacks Leit mat niddrege Paien.

Mär hu gesinn a erliewt, wéi wichteg d'Aarbecht ass fir de Fortbestand vun eiser Gesellschaft.

Mär hu gesinn an der Zäit vum Confinement wéi wichteg d'Aarbecht fir vill Leit och fir si selwer ass, a wéieng schwéier Amenter optauchen, wann ee se beemol net méi maache kann, respektiv

wann een se a erschwéierte Bedingungen am Télétravail muss maachen.

Mär müssen eis dees alles bewusst sinn, wa mär déi nächst Méint uginn.

D'Annonce vu Plazenofbau a grouse Betriber wéi ArcelorMittal, Guardian, Luxair, Saint-Paul, an, an, an... sinn an eisen Aen e Vorbote vun enger méi schwéierer Wirtschaftskris, déi séier zu enger sozialer Kris gëtt, wann net déi richteg Mëttelen agesat ginn fir dat ze verhënneren.

De Chômage ass am Fréijoer spronghaft eropgaangen, als kuerzfristeg Konsequenz vum Confinement a vum Stopp vu villen Aktivitéiten. Dat konnt ofgefiedert ginn, virop mam chômage partiel. De Chômage stabiliséiert sech elo op engem ëmmer nach ze héijen Niveau. Mee mär mengen, dass dat just d'Rou ass virum Stuerm, den dann ausbrécht, wann ëmmer weider Entreprises ofbauen an Enn des Joers d'Failliten an d'Haus stinn. Mär gesinn et jo elo schonn un den eidele Geschäftslokaler, déi ëmmer méi zu de Stadbillen uechter d'Land gehéieren. Failliten... déi sëch nach nët am Chômage ëremspiggelen.

D'Leit spieren dat och. Ech hu virdu vun den Existenzängscht geschwat, vill Leit fäerten em hir Aarbecht, fäerten de sozialen Ofstieg. No dem Confinement, dee bei ville Leit seng Spueren hannerlooss huet, kommen elo nei Belaaschtungen. An déi kann een de Leit net huelen, andeem ee prophezeit, dass et séier a quasi automatësch eng Reprise vun der Wirtschaft wäert ginn. Näischt ass méi ongewëss ewéi dat. An d'Leit wëssen dat.

Wat misst an eisen Aen also elo gemaach ginn?

Als éischt emol stelle mer jo fest, dass Leit, déi viru Mäerz schonn am Chômage waren, deelweis vläit scho puer Méint, och haut nach am Chômage sinn. Des Leit riskéieren elo total onverschold zu

Langzäitchômeuren ze ginn. No an no rëtschen se dann aus dem Chômage a falen an de Revis. Doduerch verléieren se net nëmme vill Revenu, mee och Hoffnung a Perspektiven. Eng Spiral no ënnen.

Dat muss onbedéngt verhënnert ginn, wëll ech menge mär wësse wéi schwéier et ass, fir no sou engem Coup erëm op d'Féiss ze kommen. Dofir soen mär: D'Allocations vum Chômage vun engem op zwee Joer verlängert ginn.

Donieft sinn déi Plazen, déi nei geschafe ginn ëmmer méi Zäitverträg. D'Aarbecht gëtt flexibiliséiert a vun de Leit gëtt erwaart, dass se hirt Liewe esou béien, fir domat eens ze ginn. Oarbécht riskéiert ëmmer prekariséiert ginn.

Donieft muss awer och verhënnert ginn, dass Leit abusiv an de Chômage gesat ginn. Et muss mat alle Mëttel verhënnert ginn, dass profitabel Betriber vun der Kris profitéieren fir Aarbechtsplazen a Kollektivverträg a Fro ze stellen?

Mee domatter huet nach keen am Chômage eng Aarbecht oder ka sech an d'Zukunft orientéieren.

Dofir brauche mer d'Afféierung vun enger Jobgarantie, also dem Recht op eng bezuelten Aarbecht, fir jiddereen dee schaffe wëll a kann. Besonnesch am Bléck hu mär hei déi Jonk, déi riskéieren no der Schoul mat engem Echech nom anere konfrontéiert ze sinn, a sou schonn den Uschloss verléieren éier se d'Chance haten sech ze beweisen. Et gëllt eng Covid-generatioun ze verhënneren. Daat misst dach déi alleréischte Prioritéit vun der Regerung sinn... nee, a punkto Beschäftigungspolitik gesäit de Premier keen Handlungsbedarf.

Esou eng Jobgarantie ass näischt aneres ewéi eng ekonomesch sënnvoll a sozial nohalteg Investitioun an d'Zukunft. An enger vun den ILO-Konventiounen, déi Lëtzebuerg elo ratifizéiere soll steet dran, dass de Staat sech verpflichtet fir dofir ze suergen, dass genouch

Aarbecht do ass, fir dass jiddereen no sänge Wënsch a Kompetenze ka schaffen goen. Ma da kommt mär setzen dat an d'Realitéit em!

D'Aarbecht déi ech hei mengen existéiert schonn, do brauch een net vill Phantasie ze hunn.

Et brauch een sëch jhust déi enorm Erausforderungen unzekucken, virun déi eis Gesellschaft steet.

Jo, ech géif esouguer soën, déi Oarbécht schlummert am Regierungsprogramm, géif den da mol ëmgesat ginn.

Ech mengen hei den Embau vun der Landwirtschaft, den Embau vun der Industriepolitik a Richtung Kreeslafwirtschaft mat recyclage, repair an upcycle Aarbechten, den Ausbau vum öffentlichen Transport an den Infrastrukturen fir douce Mobilitéit an an an. Alles dat geet nëmme mat méi, net mat manner Leit, déi des Aarbechten maachen.

Mär wëssen, dass domat net vun haut op muar de Chômage wäert éliminéiert ginn. Mee eleng de Versuch op sou e Wee ze goen, géif **Perspektiven a Chancen** opmaachen, déi d'Gemengen, sozial Verbänn a ganz vill Associatiounen kéinten opgräifen, fir sou e Programm mat Liewen ze fëllen an engem Mënsch nom aneren dat ze garantéieren, wat em zousteet: nämlech e Recht op Aarbecht an e Liewen an Dignitéit.

Här President,

Iwwer d'Aarbecht an iwwer d'sozial Sécherheet zum Ëmwelt- a Klimaschutz:

Dat ass d'Approche, déi mär fir sënnvoll an zukunftsfähig halen. Mat der Jobgarantie hunn ech dee Gedanke kuerz ugerass, mee et ginn natierlech aner Elementer, op déi ech nach kuerz zrëckkomme wäert.

Beim Här Bettel awer ass Klima- an Ëmweltschutz Synonym vu steierlechen Ureizer an technologeschen Innovatiounen. Mär sinn net der Meenung, dass des Elementer guer keng Roll spille kënnen, mee mengen awer, dass esou eng passiv an ofwaardend Haltung an der Urgence, déi de Premier jo och op en Neits beschriwwen huet, engem onverantwortleche laisser-faire gläichkënnt.

D'Ziler am PNEC sinn ambitionéiert a mär begréissen dat. Mee d'Iddi vun der Regierung, déi dora besteet, d'Verantwortung fir des Ziler de facto op d'Stéit ofzelageren, ass fir eis falsch – besonnesch an enger Zäit wou déi duerch eng Wirtschaftskris an eng onsécher Zukunft blécken.

De Budgetsentwurf fir 2021 gesäit esouguer e Réckgang vun den Dépensen em 8% am Umweltministère vir par rapport zu 2020.

De staarke Staat vun dem den Här Bettel geschwat huet schéngt also keng rigouréis Ëmweltpolitik ze beinhalten, obwuel de Klimaschutz - laut Premierminister - déi gréissten Erausforderung ass mat där d'Mënschheet konfrontéiert ass. D'Mënschheet wäert sech där stelle müssen, mee d'Lëtzebuerger Regierung zitt de Kapp an.

Déi eenzeg Measure am Beräich vum Klimaschutz – an eng aner Ëmweltmeasure hu mer net héieren, z.B. wat d'Aartevillfalt oder Schutz vu Gewässer a Bëscher ugeet: iwwehaapt: den dramatesche Verloscht vu Biodiversiotéit schéngt nach ëmmer nët beim Premier ukomm ze sinn...–

Déi eenzeg Measure am Beräich vum Klimaschutz ass d'Aféierung vun der CO2-Steier.

Mëttlerweil ass déi CO2-Steier a liberale Kreesser als déi eenzeg méiglech Measure an de Käpp. D'Debatt rondrëm déi CO2-Steier ass mëttlerweil komplett lassgeléist vun der eigentlecher Fro, nämlech

daer vum Klimaschutz. Den Här Bettel huet gëschter och Sënn an Zweck net wierklech erkläert.

Hien huet just gemengt, dat wär keng Steuer, déi als Zilsetzung huet Recetten an d'Staatskees ze spullen. Wahrscheinlech sot en dat, wëll e kuerz virdu gesot huet, dass et keng nei Steiere géif ginn, déi d'Kafkraaft belaaschten. Wat ass eng indirekt Steuer op Konsum dann, wann net genee dat?

Ganz erstaunlech ass, dass den Här Turmes d'lescht Joer net midd ginn ass z'erklären, dass ee sech bewosst wir, dass déi Steuer net vill um Konsumverhalten ännere wäert, mee dass een awer Recette bréicht fir Klimaschutzmesuren ze finanzéieren.

D'Fro ass also: wat bréngt des Steuer? Ass sech d'Regierung iwwerhaupt eens iwwer d'Finalitéit vun dëser Steuer? Oder kënne mir lo bei der LSAP nofroen an déi zielt eis eng drëtt Variant?

Mär mengen, dass et vu vir eran net glécklech ass, dass eng Taxe agefouert gëtt, ouni dass Kloerheet doriwwer besteet, wat se bréngen soll. Soss ass et en Experiment ... an den Här Bettel sot jo gëschter e wéilt net experimentéieren.

Déi éischt Fro, déi sech fir eis stellt ass déi nom Impakt vun der Steuer op d'Zäregasemissionen vu Lëtzebuerg iwwer déi nächst Joren: Ginn et doriwwer iwwerhaupt Berechnungen?

Wa jo, da wir et natierlech interessant dat ze gewuer ze ginn. Wann net, da wësse mer awer wat d'Finalitéit ass vun der Taxe, nämlech Recetten do siche goen, wou se am einfachsten ze kréie sinn, mee wou se awer och am meeschte wéi dinn.

Am meeschte wéi deet des Taxe se bei dene Stéit, déi op den Auto mussen zrëckgräifen, eventuell well op Schicht geschafft gëtt, oder wëll se méi entleeën wunnen.

Mee nach méi deet se wéi, wann ee mat Mazout oder Gas hëtz.

Do geet – je no der Energieeffikassitéit vum Haus oder der Wunneng – de crédit d'impôt bei wäitem net duer fir d'Méikäschten ze decken. D'Hëtzen huet den Här Bettel gëschter vergiess, mee just vu Präisser op der Pompel geschwat, grad wéi wann d'Leit an hirem Auto wunne géifen.

An do si mer da beim eigentleche Problem. Getraff vun der Taxe ginn déi akommeschwachst, besonnesch déi 3 ënnegt Akommesdécilen. Déi kréien elo eng kleng Kompensatioun, déi no an no u Wäert verléiere wäert, wat d'Taxe weider eropgeet.

Mee eng nei Heizung, eng energetesch Sanéierung oder en Elektroauto kënnen déi sech net uschaffen, ob mat oder ouni Primen. Et sinn awer grad des Stéit, déi besonnesch beim Hëtzen, déi schlechteste Viraussetzungen hu fir iwwerhaapt Aspuerungen ze maachen.

An do kënt bei déi éischt Fro vun der Wierksamkeet vun der Taxe, déi zweet derbäi, nämlech déi vun der Gerechtegkeet. Net nëmme ginn akommeschwach Stéit am stäerksten getraff, mee se hunn och nach am mannsten d'Méiglechkeet fir nohalteg Uschafungen ze maachen. D'Locataire hunn et hei nach méi schwéier, wëll déi guer keen Afloss hunn op d'Energieeffikassitéit vun hirer Wunneng a meeschtens kënne se och keen Elektroauto an d'Strooss stellen, wëll wou ass do de Stecker? A wann de Vermieter en Invest mécht stellt den dem Locataire den iwwer de Loyer a Rechnung.

Fir zesammenzefaassen: D'Suen gi bei de schaffende Leit geholl an ënnert de schaffende Leit erëm verdeelt. Mat de Primen fir Elektroauto'en oder eng nei Heizung ginn d'Suen awer an éischer Linn u Leit verdeelt mat Haus mat Garage an dem Budget, fir dat ze finanzéieren. Klimaschutz bleift esou e Luxus, e Klasseprivileg.

Dat misst net esou sinn. Mäer hunn als déi Lénk virun e puer Wochen en detailléierte Projet presentéiert wéi een dat méi sozial gerecht

kann ugoen an och méi akommesschwaache Stéit kann erméiglechen d'Wunneng méi ekologesch ze maachen an dat duerch sozial gestaffelt Hëllef a Prêt'en an enger proaktiver Sensibiliséierung a Begleedung vun de besonnesch betraffene Stéit, mathëllef vun de Gemengen. Dat wär eng Politik vun engem staarke Staat.

Här President,

Déi selwescht Leit, iwwer déi ech elo beim Chômage an den Ongläichheete geschwat hunn, sinn och déi éischt Betraffen vun der Wunnengsknappheet an den onméigleche Präisser a Loyer'en. D'Covid-Kris huet déi Situatioun sécher net besser gemaach, mee en anere, méi scharfe Bléck fräiginn op dat wat et bedeit, sëch nët kënnen anstänneg Doheem zereckzéien ze kënnen. An en Doheem, daat fir vill Leit lo och nach zur Oarbéchtsplaaetz muss ginn duerch den Télétravail.

Mär hunn och keng Covid-Kris gebraucht fir an eng Logementskris ze kommen, wëll déi gött et scho laang. De Pëtz deen hei zu Lëtzebuerg beim Logement ausgehewe gouf ass mëttlerweil esou déif, dass ee Steng, déi ee rageheit schonn net méi héiere kann, wann se ënnen opschloen.

Déi Steng, domatter mengen ech all déi hallef, hallefhäerzeg an deelweis kontraproduktiv Mesuren vun dëser an de Virgängerregierungen. Och bei denen ass keen Impakt ze héieren oder ze verspieren, zumindest keen, deen iergendeppes fir Leit mat manner Revenu bruecht hätt.

Wat een awer elo héiert, dat sinn d'Leit, déi ufänken op d'Strooss ze goen, wëll s'es genuch hunn, an oft ganz einfach net méi kënnen. An de Logementsproblem ass och graad fir déi jonk, fir d'Covid-generatioun, och aus der esougenannter Mëttelschicht.

Ech nenne mol eng Zuel: 51,8%. Dat ass den Undeel, den déi 20% vun de Stéit mat de klengste Revenu'en de Mount fir de Loyer bezuele

mussen. 2 vun 3 Stéit an dëser Akommesklass bezuelen iwwer 40% vun hirem Revenu all Mount fir de Loyer. Déi Stéit si komplett blockéiert a kommen an de seelenste Fäll ouni Verzicht bei essenzielle Besoin'en iwwer d'Ronnen. Och dat ass d'Lag vum Land, mee eben déi, vun där een näischt héiert... op Cocktail-Soirée'en vun de Big Four.

Ech géif gär soen, dass ech mär méi vun där Ried vum Premier erwaart hätt wat de Logement ugeet. Mee dat wär gelunn. D'Situatioun ass säit 5, 10, jo souguer 20 Joer schlëmm a se gëtt vu Joer zu Joer schlëmmer. Wann eng Regierung hätt wellen dergéint virgoen, hätte se Joren, jo Jorzéngten, Zäit gehat, egal ob ënner DP- oder CSV-Féierung.

Mee geschitt ass esou gutt ewéi näischt an dat huet jo och Grënn. Wëll net jiddereen ass Verléierer an dëser Logementskris, et ginn och e puer glécklech Gewënner.

Zum Beispill déi **159** Persounen, déi zu Lëtzebuerg eleng 20% vum Bauland horten. Déi puer déck Promoteuren, déi schon laang verstan hunn, dass een zu Lëtzebuerg vill Geld mat Immobilie verdénge kann.

Alles daat, waat bis elo viirläit vun der Regiierung als Äntwert op Logementskriis ass am beschtefall hallefhäerzeg, an am schlëmmste Fall kontraproduktiv. Als Lénk waerte mer nach an dene nächste Wochen drop agoën.

Här Preident,

Mär hunn dëss Kriis nach laang net hannert eis. Staatsfinanzen....

Mär begréissen natiirléich, dass d'Regierung net wëllt gréisser Kierzungen virhuelen, v.a. och bei den Investitiounen. Dat wär e katastrophaalt a fataalt Signal gewierscht. Mir sinn och frou, dass d'Regierung wëll gewëssen Hëllefsmesuren iwwert 2020 eraus wëll verlängeren a net einfach nom Dezember auslafe léist. Déi

Krisemesure sinn awer - sou wéi mer dat och scho virum Summer hei gesot hunn - den absolute Minimum vun deem wat een huet misse maachen.

Daat waat awer fehlt, daat ass eng Relance-Strategie. Däer kënnt ëmmer nees erëm, all déi Mesüeren opzielen, fir d'Ekonomie ze stabiliséieren, mee ëch gesinn kaum Elementer fir Wirtschaft ze relancéieren... zumindest kéng, déi en transformatorësche Charakter hätt.

Just nach ee Wuert zum Budget 2021. Mir konnten dat natierlech nach net am Détail analyséieren, mä ech muss awer elo scho soen, datt mer absolutt schockéiert a fassungslos sinn, datt d'Regierung wëlles huet de Budget vun der Entwécklungshëllef an e Koup ze sträichen. Minus 61 Milliounen, dat heescht e Minus vun 17,4 % par rapport zu 2020. D'Aide d'urgence, fir anere Länner bei Katastrofen ze hëllefen, gëtt komplett gestrach. Mir fannen dat vëlleg inakzeptabel a wäerten do an deene nächste Wochen och massive Widderstand leeschten! Déi 60 Milliounen retten d'Staatsfinanzen net, se hätten awer vill Mënscheliwwen an anere Länner kéinte retten. Insgesamt 4 Ministèren verléieren: niewt der Cooperatioun, dem Umweltminsère, déi ëch schon zitéiert hunn, och nach d'Landwirtschaft an den Intérieur....

Här Präsident,

Och an der Fro vun der Finanzéierung vun der Kriis huet d'Regierung sech op de klengste gemeinsame Nenner geeneegt, nämlech alles iwwe nei Scholden ze finanzéieren.

Mir sinn domadder averstanen, datt een a Krisenzäite soll Scholden ophuelen fir Schlämmes ze verhënneren an sech net soll selwer futti spueren. Mir waren där Meenung awer och scho während der leschter Kriis. Mir hu net 2014 de Scholdestand als Déiwelswierk un

d'Mauer gemoolt fir de Leit e Spuerpak opzezwingen, just fir dann 3 Joer drop mat enger Steierreform eng Tournée générale ze ginn.

Ech hu mat Astaunen de Moie héiren, wou de Finanzminister gesot huet, et wär elo net de Moment fir eng "ideologesch Austeritéitspolitik" ze bedréiwen. Genee déi ideologesch Austeritéitspolitik, déi de Finanzminister an de Joren 2014 bis 2017 selwer hei bedriwwen huet a wou en eis ugebaupst huet, wa mir eis getraut hunn dat ze kritiséieren. Dat selwescht gëllt fir d'Europäesch Unioun, déi elo hire Mea Culpa mëscht an domadder jo zougëtt, datt se an de Jore virdrun eng ganz Generatioun um Altoer vun enger ideologescher Austeritéitspolitik geopfert huet.

Datt ee muss Scholde maachen, verhënnert awer net datt een dernieft och nach kann iwwer nei Recette nodenken. Well Scholden sinn ëmmer déi 2. Optioun. "Lo ass net de Moment fir Steieren eropzesetzen", sot de Premier gëschter, obwuel en da kuerz drop mat der CO2-Steier eng nei Konsumsteuer ungekënnegt huet, déi erëm nees déi normal Leit trëfft.

Mir mengen au contraire, datt et justement de Moment ass fir Steieren erop ze setzen. Net d'Steieren fir déi normal Leit, net d'Steieren um Konsum, op de Salairen oder de Pensiounen.

Nee, d'Steieren op de grouse Fortunen, op der Spekulation an op de Kapitalrevenue. Deen obzöne Räichtum, dee net produktiv zur Wirtschaftsentwécklung bäidrëit, dee net an déi lokal oder regional Economie investéiert gëtt, mä op den internationale Finanzmäert oder a Villa'en op der Côte d'Azur ugeluecht gëtt, oder awer a Konschtwierker, déi am Freeport um Findel gebunkert ginn.

Hei am Land gëtt et eng Minoritéit, déi vun der Politik säit Joerzénge de rouden Teppich ausgerullt kritt. Dëss fortunéiert Schichten elo méi héisch ze besteieren, heescht mol net hinnen eppes extra ewech huelen, mä just e klengen Deel vun deem zréck

fuerderen, wat se déi lescht Jorzéngten agesäckelt hunn. Mir bléiwe bei eiser Meenung datt een genee elo soll schwätzen iwwert eng Unhieweung vum Spätzesteiersaz, iwwert eng Verméigens- an Ierfschaftssteier.

Donieft musse mer och mol endlech e seriösen Inventar maache vun alle Steuerlächer, -Nischen a Spuerméiglechkeeten. D'Regierung huet Mesuren ugekënnegt fir d'FISen an de Stock-options a mir wärten dorobber zrëckkomme wann da mol bis eppes déposéiert ass. Mat deene wéinegen Informatiounen déi mer de Moment hunn, kënne mer dat net aschätzen. Mä donieft ginn et nach eng helle Wull vun esou problematesche Steiernischen.

Déi grouss Fortunen méi besteieren ass net nëmmen eng Fro vu neie Recetten, mä och vu Steiergrectegkeet.

De Räichtum an d'Kapital gënéissen elo scho **säit 40 Joer enorm Steuerprivilegien**, an dat ass mat Ofstand den Haaptgrond firwat d'Scheier tëschent Aarm a Räich ëmmer weider ausernee geet an et ass och den Haaptgrond, firwat datt de Staaten haut d'Moyen'e feelen, fir mat dëser Kriis eens ze ginn.

An de 4 Méint tëschent Abrëll a Juli dëst Joer, während an Italien a Spuenien d'Gesondheetssystemer kollabéiert sinn, an d'Staaten riiseg Prêten hu missten ophuele fir d'Wirtschaft ze stäipen, hunn d'Milliardären op der Welt - laut der Schwäizer Bank UBS - hir Fortune vun **7.800 Milliarden op 10.200 Milliarden** erhéijt. Se hunn während der Kriis innerhalb vu 4 Méint hire Räichtum ëm 27% erhéijt. Dat ass obszön.

Et ass elo endlech Zäit, datt d'Multimillionären erëm hire gerechten Undeel um Allgemengwiesen bezuelen. Speziell och hei zu Lëtzebuerg.

An wann de Premier vu „Verzichten“ schwätzt, dann mengen mär:

Ët ass elo mol un der Zäit, datt déi Suppräch verzichten!
An nët déi Leit, déi vun hirer Oarbécht liewen.